**Amis et Maîtres de**
**Chiens Guides d'Aveugle**
**au Luxembourg**

# Usprooch vun äisem Präsident

Luxembourg, 16. Januar 2002

Den 20. Juni am leschten Joer haten mir äis Grënnungsversammlung. Mir blécken also op een halleft Joer Vereinsaktivitéit zréck. Fir unzefänken gief ech Iech gären e besschen iwert d'Aarbechtsweis vun den Blannenféierhondsschoulen an äisen Nopeschlänner erzielen. Éier ech elo déi verschidden Systemer beschreiwen, well ech betounen, dass ech nët well soen, dass déi eng Schoul méi schlecht wir wéi déi anner, oder dass een System vun engem Land nët gudd wir. Si sin vuneneen verschidden. Si hun alleguerten bestëmmt hir staark an hir schwach Punkten.

An der Belge gët et 5 Schoulen. D'Ausbildungskäschten leien zweschend 150.000 an 650.000 Frang pro Hond. Nët all Schoul an der Belge huet déi Optioun vun der Remise gratuite. An der Belge gët et keen Dagverband, deen d'Schoulen ënnereneen verbënd. Et gët och vu kengem Educateur eng besonneg Ausbildung verlangt. D'Schoul dezidéiert alleng, ob een Behënnerten een Hond kritt oder nët. Op Ufro gët een Hond ausgebild. Extraordinaire an enger Schoul as et, dassen d'Blannenféierhënn vun blannen Traineren ausgebild gin. An aussergewéinlech as och d'System, wou et eng Schoul gët, wou ouni Harnais gefouert gët.

An Deitschland kann jiddereen, deen sech dozou beruf fillt Blannenféierhënn auszebilden, dat och maachen. Hien freet sech eng Gewerbeermächtegung un an hien kann, ouni eng Schoulung gemaach ze hun, Hënn zu Blannenféierhënn ausbilden. Duerfir gët et och an Deitschland vill Schoulen. Den Kandidat, wann en déi néideg Viraussetzungen vun sénger Krankenkäss erféllt, iwerhëlt déi Krankenkäss all Onkäschten, inklusiv Futter- an Vétérinaireskäschten, soulang wéi den Hond liewt. D'Krankenkäss freet een Devis an keeft am Prinzip den bëllegsten Hond. Dat bréngt et rem mat sech, dass déi sérieux Ausbilder, déi méi an d'Ausbildung vun den Blannenféierhënn investéieren, benodeelegt sin. Well et keng Qualitéitskontroll gët, kann et virkommen, dass een Behënnerten, wann en Pech huet, 8 oder 9 Joer mat engem Hond nët richteg eens gët, an awer muss mat em zesummen bleiwen. Bis zum Joer 2000 stellen sech 5 vun allen Blannenféierhondsschoulen aus Deitschland enger freiwelleger Kontroll bei der Blindenführhunde und Mobilitätshilfen e.V. Den DVBM huet sech eng Satzung gin, déi wierklech formidabel as. Deen groussen Nodeel as awer, dass et keen offiziellen Dagverband as an dassen séng Richtlinien fir Blannenféierhondsschoulen nët bindend sin.

Wien an Frankreich well een Blannenféierhond ausbilden muss dofir, wann en déi néideg schouleg Viraussetzungen erféllt, 3 Joer op Lyon an eng Schoul goen, wou hien dann souwuel iwert d'Hënn wéi och iwert blann an sehbehënnert Leit informéiert gët. Hien gët vun enger Schoul agestallt, déi sech integral vun Spenden erhält. D'Fédération Nationale des Ecoles de Chiens Guides d'Aveugles as den Dagverband vun den Schoulen an Frankreich. Hir Statuten sin am Journal Officiel de la République Française veröffentlecht gin an 1981 as FNECGA Utilité publique genannt gin. Demande vum Behënnerten gët direkt un d'Schoul geriicht. Enzeg

d'Schoul dezidéiert, ob den Behënnerten den Hond kritt oder nët. Et sin ëmmer eng ganz Meute Hënn an der Ausbildung. D'Educateuren hun also den Choix fir de bescht méiglechen Team zesummen ze stellen. De Fait, dassen d'Educateuren déi nemlecht professionnel Ausbildung kréien, an de Fait, dassen all d'schoulen déi selwescht streng Auswahlkontrollen fir hir Blannenféierhënn hun, garantéiert op dësem Wee eng gewëssen Qualitéit, souwuel vum Material wéi och vun der Ausbildung. Den Behënnerten selwer bezillt näischt. No der Remise bleiwt den Kontakt mat der Schoul ganz eng. Déi Schoulen, déi ënnert der FNECGA zesummen geschloss sin, hun eng ganz Rei vun Avantagen. Et as eng Tatsach, dass mir äis aus deenen Grënn dozou entschloss hun, äis un deenen franzéischen Schoulen ze orientéieren, ouni awer den deitschen System aus den An ze verléieren. D'Schoulen ënnert der FNECGA fonktionéieren, wéi gesot, Dank der Solidaritéit vun den Spender. Mir hun an leschter Zäit zwee Hënn aus franzéischen Schoulen kritt. Den dretten vum Limoges geet an deenen nächsten Wochen un d'Christina. An deen éischten, deen mir vun Woippy kréien as un d'Jacky THILL akkordéiert gin. Et as och schon rem een Kandidat do, fir een Blannenféierhond unzeforen.

Et soll keen sech mussen an éischter Stell iwert d'Finanzéierung Suergen maachen, wann en Kandidat well gin, fir een Blannenféierhond ze kréien. D'Belaschtung as fir den Behënnerten an fir den Hond ganz grouss. Et as awer klor, dass vun näischt och näischt kënnt. Zwar soll dee Blannen respektiv den Sehbehënnerten sech nët brauchen ëmt de finanziellen Aspekt ze këmmeren, annererseits wellen mer awer nët vun den Schoulen profitéieren, ouni äisen Deel dozou beizedroen, dass de System fonktionéiert. D. h. mer wiren frouh, wann mer Lëtzebuerger et giefen faardeg bréngen, déi faardeg ausgebilden Hënn, déi mer kritt hun, duerch jong Hënn ze ersetzen an deenen hir Ausbildung ze finanzéieren. Mir als

Amis et Maîtres de Chiens Guides d'Aveugles au Luxembourg hun äis virgehol, äisen Deel dozou beizedroen, dass ëmmer een Hond an der Ausbildung as. Fir eist Ziel ze erreechen, hun mer äis een System ausgeduecht. Mir wessen, dass et Leit gët, déi gären giefen dozou beidroen, dassen Blannenféierhënn ausgebild gin. Et as hinnen awer nët ëmmer méiglech, déi gesamten Somme opzebréngen. Aus dem Grond hun mer een Sammelkonto op der Spuerkäss ageriicht, wou mer déi Suen, déi fir een Blannenféierhond geduecht sin, sammelen, bis mer 13.000 Euro zesummen hun, an dann iwerweisen mer se un eng Schoul, déi äis gratis een Blannenféierhond zur Verfügung gestallt huet.

Dëst as een Deel vun der Reed, déi den Roland Welter, Präsident vun Amis et maîtres de chiens guides d'aveugles au Luxembourg op der Generalversammlung den 16. Januar 2002 gehal huet. Méi doriwer ënnert:
http://www.chienguide.org